



Fäschber Gemeengeblat



Impressum



Fëschber Gemengeblat
Editioun Oktober 2026

Redaktioun
Gemeng Fëschbech

Kollaboratioun
Angsber Schoul
Maison Relais
Crèche
Natur- & Geopark Mëllerdall
D'Kommissioun vum der Gemeng
D'Veräiner aus der Gemeng
De Schäfferot an
D'Gemeng Fëschbech
D'Gemeng Fiels

Layout
Otherwise.lu

Cover
Olivier Molitor

Éditeur
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'Église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

Drock
Printing Ossa
Parc d'activités Syrdall
46, rue Gabriel Lippmann
L-6947 Niederanven
www.ossa.lu

**Mir soe jidderengem Merci,
deen un dëser Editioun
matgeschafft huet.**



 **PRINTED IN
LUXEMBOURG**



GEMENG

Gemengerotssätzungen	4
Matdeelungen	
Avis au public	7
Lotissement de terrains	8
Aktivitéite ronderëm d'Gemeng	
Aweigung Villa Faber	9
Regionale Genoss am Veräinshaus	10
Virowend vum Nationalfeierdag	11
Neues Fahrzeug	12
Visite PAP um Béchel	13
Buergermeeschterdag	13
Aweigung Beschierfent	14

NATUR & KLIMA

Schleefe mam Päerd	16
Mëllerdall UNESCO Global Geopark erhält	
Verlängerung des UNESCO-Status	18
Klimapaktdag	20
Ëmfro Mobilitéit	20
Visitt vun der Agri-PV-Anlag	21
Rückblick: Mëllerdall Days 2026	22
Gestaltung vum Naturerliwensraum „Um Bur“	24
Nei Bewunner an eise Nistkëschen 1/2	26
Renaturierung von 3 Quellen im Schichtegronn	28
Attraktionen für Familien und Kinder	29
École du Goût	30

ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

Aktivitéiten an der Angsber Schoul	32
Aktivitéiten am Kuebenascht	42
Aktivitéite bei de Kueben	44

WAT WAR LASS?

1. Mee & Generalversammlung Wiichtelcher vu Schous	46
1. Mee Spuerveräin	46
Landjugendaag	47
Charity Bike 4 All	47
Eng nei Ära fir d'Kompostanlag zu Angelsbiereg	48
Nuit du Sport	49
Concert op der Héicht	50
Vun der Keelebunn an de Pompjeesmusée	52
Fëschber Nopeschfest	53
Erläichendag	54
Medaileniwwerreechung	55
Virun 20 Joer: Camp Tupelay	56
Trëppeltour – Wiichtelcher vu Schous	56
Parfest	57

MIR GRATULÉIEREN

Gebuertsdag Marie-Anne Bissen-Drücker	58
---------------------------------------	----

Virwuert

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Zënter der leschter Editioun vum Fëschber Gemeindeblatt ass vill geschitt. E ganz grousst Evenement war eis Joyeuse Sortie am Mee, fir déi mir esouguer eng Spezialeditioun vum Gemeindeblatt erausbruecht hunn.

No sechs Joer bei eis an der Gemeng sinn d'Altesses Royales, de Grand-Duc Guillaume an d'Grande-Duchesse Stéphanie, op Colmar-Bierg geplënnert. Mee d'Schlass wäert net eidel bleiwen: Am Laf vum nächste Joer wäerten d'Altesses Royales, de Grand-Duc Henri an d'Grande-Duchesse Maria Teresa, no 27 Joer nees op Fëschbech wunne kommen. Mir freeën eis schonn alleguer op eis nei Noperen.

D'Schoulrentrée 2026 hu mir och schonn hannert eis, an ewéi gewinnt fannt Dir an dëser Editioun Fotoe vun eise Schoullklassen, grad ewéi déi vill flott Aktivitéiten, déi Schoul, Crèche a Maison Relais virun der Vakanz organiséiert hunn.

Natierlech kënnst och eist Veräinsliewen an dësem Blat net ze kuerz, an Dir fannt e Réckbléck op déi flottste Manifestatiounen vum Mee bis September.

Vill Chantiere sinn an de leschte Méint gelaf, an dofir ware verschidde Stroossen zäitweis gespaart. Creos huet bal all d'Iwwerlandleitungen an de Buedem geluecht, a mir hunn zwou nei Waasserleitungen vun eise Quellen zu Fëschbech op Schous bei de Waasserbaseng gezunn, fir eis héich Waasserqualitéit och weiderhin ze garantéieren. Zousätzlech sinn dräi nei Pëtzer zu Fëschbech bei der "Débecht" an der Ausaarbechtung.

Och an de kommende Méint wäerte leider nach rout Luuchten op eise Stroosse stoen, wa mir zu Angelsbierg den Trottoir an de Busarrêt nei gestalten oder zu Fëschbech eis nei Gemeng bauen. D'ëffentlech Parksituatioun zu Fëschbech wäert duerch d'Erneierung vum Parking bei der Kierch an de Chantier vun der neier Gemeng eng Zäit laang méi ugespaant sinn. Ech bieden Iech dofir ëm Äert Versteesdemech.



Mir konnten awer och verschidde Projete mat eisen Nopeschgemenge awien. Ganz rezent hu mir eise gemeinsame Bëschkierfecht „an der Seitert“ mat de Gemenge Lëntgen a Luerenzweiler opgemaach. Méi Informatiounen dozou fannt Dir an dësem Blat oder am Populatiounsbureau vun eiser Gemeng. Dat neit Mierscher Lieshaus ass zënter Mëtt Juni a Betrib. Profitéiert vun där schéiner Offer a gitt emol laanscht kucken. Och e Modulgebai, mat zousätzlecher Plaz fir eis Schoulkanner, ass zënter der Rentrée bei der Angsber Schoul am Betrib.

Am Ëmweltberäich hu mir verschidden natierlech Quellen zu Fëschbech mam Natur- a Geopark Mëllerdall renaturéiert, an eisen éischte Workshop-Dag um Bur zu Schous ass ganz gutt verlaf. En zweete steet elo am Hierscht um Programm, an all Hand, déi upéckt, ass häerzlech wëllkomm. Ausserdeem hu mir mam Klimapakt-Team eng Mobilitéits Ëmfro bei eise Betriber duerchgefouert an eng Visite vun der Agri-PV Anlage um Bierengerbierg gemaach.

Ech wënschen Iech elo vill Freed beim Liese vun dëser 74. Editioun an all eise Schüler a Studente vill Erfolleg am Schouljoer 2026/2027.

*Äre Buergermeeschter,
Luss Brosius*



Gemengerotssätzungen

Séance publique du conseil communal du 20 mai 2026

Présents : BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel et SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David,
OLINGER Kevin et SIMON Marc – conseillers

Excusés : /

À moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Le conseil propose de réaffecter Madame Fabienne Pirsch au poste vacant de 100 % d'institutrice de l'enseignement fondamental.

À la suite des explications de Madame Sarah Kolber, présidente du comité d'école, le conseil arrête provisoirement l'organisation scolaire pour l'année scolaire 2026/2027.

Le conseil communal soutient la coopération étroite entre l'école fondamentale et la structure d'accueil et approuve le Plan d'Encadrement Périscolaire 2026/2027 établi par l'équipe pédagogique.

Vu l'état des restants à recouvrer à la clôture de l'exercice 2025 présenté par le receveur portant sur 33.657,63 €, le conseil communal accorde l'autorisation de poursuivre en justice les autres débiteurs, le cas échéant.

Le conseil approuve des titres de recettes pour un montant de 3.481.518,79 € pour les exercices budgétaires 2025 et 2026.

Le conseil communal approuve un nouveau crédit de 650.000 € pour l'installation d'une construction modulaire pour les besoins de l'Angsber Schoul ainsi que le devis y relatif portant sur un montant de 625.000 €.

Le conseil approuve un crédit extraordinaire supplémentaire de 50.000 € pour l'acquisition de mobilier d'école.

Le conseil communal approuve le devis concernant la remise en état des accotements de la voirie rurale aux lieux-dits « Ollergrond » à Schoos et « Mittelwiss » à Angelsberg.

Wann net anescht ugin, goufen déi verschidden Decisiounen eestëmmeg geholl.

De Conseil schléit vir, d'Madamm Fabienne Pirsch op de fräie Posten (100%) vum Enseignant an der Gemeng ze nennen.

No den Erklärunge vun der Madamm Sarah Kolber, Präsidentin vum Schoulcomité, hält de Gemengerot déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2026/2027 fest.

De Gemengerot ënnerstëtzt déi enk Zesummenaarbecht tëscht der Primärschoul an der Kannerbetriebsstruktur a stëmmt de Plan d'encadrement périscolaire 2026/2027, dee vun der pedagogescher Ekipp ausgeschafft gouf.

Opgrond vum Restantenetat iwwer 33.657,63 € vum Joer 2025, dee vum Receveur virgestallt gouf, gëtt de Gemengerot d'Erlabnis, déi aner Scholden iwwert d'Gericht anzedreiwen, falls néideg.

De Conseil geneemegt Einnahme fir e Montant vun 3.481.518,79 € fir d'Budgetsjoreen 2025 an 2026.

De Gemengerot stëmmt engem neie Kredit vu 650.000 € zou fir de Kaf vu Containere fir d'Schoul an Erschléissungsaarbechten esou wéi dem Devis iwwert 625.000 €.

De Conseil stëmmt engem zousätzlechen ausseruerdentleche Kredit vu 50.000 € fir de Kaf vu Schoulmiwwel.

De Gemengerot stëmmt dem Devis fir Instandsetzung vun de Accotementer laanscht d'Feldweeër op de Plazen „Ollergrond“ zu Schoos an „Mëttelwiss“ zu Angelsbiërg zou.

Le conseil communal s'oppose formellement à la construction de l'éolienne projetée numéro 1 près des hameaux de Weyer et Stuppicht et est d'avis qu'aucun biotope protégé ou habitat sur le territoire de la commune ne devra être réduit, détruit ou détérioré.

Le conseil approuve cinq actes notariés relatifs à des emprises dans la « rue de Rollingen » à Schoos et dans la « rue de Meysembourg » à Angelsberg.

Le conseil approuve la convention relative à la réalisation d'un cimetière forestier régional situé à Lintgen.

Le conseil communal décide de reclasser les parcelles cadastrales 388/1434 et 388/1437 du domaine public dans le domaine privé de la commune de Fischbach.

Le conseil approuve la convention signée avec Monsieur Francis Voos dans le cadre d'un projet de morcellement et de viabilisation.

De Gemengerot ass formell géint de Bau vun dem Wandrad Nummer 1 bei den Uertschafte Weyer a Stuppecht an ass der Meenung, datt kee geschützte Biotop oder Liewensraum um Territoire vun der Gemeng däerf verklengert, zerstäert oder beschiedegt ginn.

De Conseil hält fënnef Nottärsakten u betreffend den Emprisen an der „rue de Rollingen“ zu Schous an an der „rue de Meysembourg“ zu Angelsbiérg.

De Conseil approuvéiert d'Konventioun betreffend d'Realisatioun vum Bëschkierfecht zu Lëntgen.

De Gemengerot entscheet d'Kadasterparzellen 388/1434 an 388/1437 aus dem Domaine public an de Privatbesëtz vun der Fëschber Gemeng ëm ze klasséieren.

De Conseil stëmmt der Konventioun zou, déi mam Här Francis Voos am Kader vun engem Morcellements- an Erschléissungsprojet ënnerschriwwen gouf.

Séance publique du conseil communal du 17 juin 2026

Présents : BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel et SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David,
SIMON Marc – conseillers

Excusés : OLINGER Kevin – conseiller

À moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Le conseil communal décide de maintenir pour l'année 2027 les mêmes taux de l'impôt commercial et de l'impôt foncier.

Par suite de la nouvelle convention collective des salariés de l'État, le conseil décide d'abroger l'allocation d'une masse d'habillement, ainsi que l'indemnité mensuelle supplémentaire de 10 points indiciaires aux salariés à tâches manuelles.

Le conseil communal approuve le projet de morcellement des parcelles cadastrales inscrites au cadastre de la commune de Fischbach, section E d'Angelsberg au lieu-dit « rue de Glabach » sous les numéros :

- 144/1634,
- 144/1635,
- 144/1636.

Le conseil approuve un contrat de bail à fermage, au lieu-dit « Seitert » à Fischbach.

Wann net anescht uginn, goufen déi verschidden Decisiounen eestëmmeg geholl.

De Gemengerot entscheet fir d'Joer 2027 de selwechten Taux vun der Gewerbe- an der Grondsteuer bäizebehalen.

Wéinst dem neiem Staatsaarbechterkollektivvertrag, beschléisst de Rot d'Kleederzoulag an déi zousätzlech méintlech Indemnitéit vun 10 Indexpunkten fir d'Gemengenaarbechter ofzeschaffen.

De Gemengerot geneemegt Morcellementsprojeten vu Kadasterparzellen déi am Kadaster vun der Gemeng Fëschbech, Sektoun E vun Angelsbiérg, an der „rue de Glabach“ ënnert follgenden Nummern ageschriwwen sinn;

- 144/1634,
- 144/1635,
- 144/1636.

De Rot hält ee Pachtvertrag u betreffend de Lieu-dit "Seitert" zu Fëschbech.

Séance publique du conseil communal du 15 juillet 2026

Présents : BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel et SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David,
OLINGER Kevin – conseillers

Excusés : SIMON Marc – conseiller

À moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Le conseil communal approuve le plan de gestion des forêts pour l'exercice 2027, tel que proposé par l'Administration de la nature et des forêts et présenté par le préposé forestier M. Olivier Molitor.

Le conseil approuve les titres de recette pour l'année budgétaire 2026 en hauteur de 845.482,34 €.

Le conseil communal approuve des décomptes relatifs aux travaux de réaménagement :

- D'une aire de jeu à Schoos avec acquisition de nouveaux jeux (crèche)
Total des devis votés : 30.000,00 €
Total de la dépense effective : 29.571,68 €
- Du parking « rue du Moulin » à Fischbach
Total des devis votés : 100.000,00 €
Total de la dépense effective : 84.291,47 €

Le conseil décide avec six voix positives et deux voix négatives (Mme Brosius-Kolber et M. Olinger) de reporter la décision relative à une création de poste.

Le conseil communal approuve la démission de la secrétaire communale.

Wann net anescht ugin, goufen déi verschidden Decisiounen eestëmmeg geholl.

De Gemengerot heescht de Bëschverwaltungsplang fir 2026 gutt, esou wéi e vun der Forstverwaltung erstallt gouf a vum Fierschter Olivier Molitor presentéiert gouf.

De Conseil approuvéiert Einnamen fir d'Budgetsjoer 2026 an Héicht vun 845.482,34 €.

De Gemengerot approuvéiert d'Decompté betreffend d'Ëmgestaltung:

- Vun der Spillplaz zu Schous mat der Uschafung vun neie Spillgeräter (Crèche)
Total vun den Devisen: 30.000,00 €
Total vun der effektiver Depense: 29.571,68 €
- Vum Parking „Rue du Moulin“ zu Fëschbech
Total vun den Devisen: 100.000,00 €
Total vun der effektiver Depense: 84.291,47 €

De Gemengerot decidéiert mat 6 Stëmmen dofir an 2 Stëmmen dergéint (Mme Brosius-Kolber an Här Olinger), d'Decisioun iwwert d'Schafe vun engem Posten ze verréckelen.

De Gemengerot stëmmt der Demissioun vun der Gemengesekretärin zou.

Avis au public

PUBLICATION SUIVANT ARTICLE 82 DE LA LOI COMMUNALE MODIFIÉE

URBANISME

Approbation définitive du plan d'aménagement particulier « Laang Roepper »

Il est porté à la connaissance du public que par délibération du 18 mars 2026 le conseil communal a adopté le projet d'aménagement particulier (PAP), approuvé par la ministre des Affaires intérieures en date du 11 mai 2026, réf. : 20246/125C.

Le dossier du PAP a été déposé au service technique communal pour consultation, de même que sur le site internet de la commune en date du 22 mai 2026. L'avis au public y relatif a été publié en date du 22 mai 2026 par voie d'affiches dans la commune conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

En exécution de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives, un recours en annulation devant les juridictions de l'ordre administratif peut être introduit dans les trois mois à partir de l'affichage de la décision.

Le PAP est entré en vigueur le 25 mai 2026

URBANISME

Approbation définitive des modifications ponctuelles du plan d'aménagement général et du plan d'aménagement particulier « quartier existant »

Il est porté à la connaissance du public que par délibérations du 18 mars 2026,

- la délibération du conseil communal du 18 mars 2026 portant adoption du projet de modification ponctuelle des parties graphique et écrite du plan d'aménagement général (PAG) de la commune de Fischbach concernant des fonds sis à Angelsberg, Fischbach et Schoos, aux divers lieux-dits, a été approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 7 juillet 2026, réf. 125C/005/2025 (mopo PAP QE 20127/125c) ;
- la délibération du conseil communal du 18 mars 2026 portant adoption du projet de modification ponctuelle du plan de repérage et de al partie écrite du du plan d'aménagement particulier « quartier existant » (PAP-QE) de la commune de Fischbach concernant des fonds sis à Angelsberg, Fischbach et Schoos, a été approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 7 juillet 2026, réf. 20127/125c, (mopo PAG 125C/005/2025).

Les dossiers PAG et PAP-QE sont déposés au service technique communal à Fischbach pour consultation, de même que sur le site internet communal www.acfischbach.lu, et deviennent obligatoires trois jours après leur publication par voie d'affiche dans la commune de Fischbach.

En exécution de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives, un recours en annulation devant les juridictions de l'ordre administratif peut être introduit dans les trois mois à partir de l'affichage de la décision.

Les modifications ponctuelles du PAG et du PAP QE sont entrées en vigueur le 20 juillet 2026 et ont été publiées au Mémorial en date du 2 septembre 2026.

Fixation des taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier et du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année d'imposition 2027

Il est porté à la connaissance du public que par délibérations du 17 juin 2026 approuvées par arrêté grand-ducal du 8 juillet 2026,

- le conseil communal a fixé les taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année d'imposition 2027 ;
- le conseil communal a fixé le taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année d'imposition 2027.

Les décisions ont été publiées en date du 13 août 2026 par voie d'affiches dans la commune conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

Taux de l'impôt foncier

A	Exploitations agricoles et forestières	320 %
B1	Constructions industrielles et commerciales	450 %
B2	Constructions à usage mixte	450 %
B3	Constructions à autres usages	450 %
B4	Maisons unifamiliales, maisons de rapport	165 %
B5	Immeubles non-bâties autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation	500 %
B6	Terrains à bâtir à des fins d'habitation	600 %

Tous les règlements communaux peuvent être consultés sur le site internet : www.acfischbach.lu

8

Lotissement de terrains

Le conseil communal de la commune de Fischbach a délibéré, conformément à la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, article 29 (1) paragraphes 4 et 5, sur les demandes de lotissement de terrains comme suit :

Date de la séance	Demande introduite par	Section cadastrale	N° des parcelles	Adresse / lieu dit	Nombre de lots décision	Décision	Mémorial
17.06.2026	Kvaadrat S.à.r.l.	E d'Angelsberg	144/1634 144/1635 144/1636	rue de Glabach	Redressement d'erreurs d'implantation	approuvé	02/09/2026

Lesdites délibérations ont été publiées et affichées en bonne et due forme aux endroits usités.

Aweiung Villa Faber

MIERSCHER LIESHAUS

11.06.2026 MIERSCH



Den 11. Juni hunn d'Verrieder vum Fëschber Gemengerot un der Aweiung vun der Villa Faber a Presenz vum Kulturminister Eric Thill deelgeholl. Domat gouf en neit Kapitel an der kultureller Offer vun eiser Regioun opgeschloen.

Dësen ambitiëse Projet, deen aus der Neinotzung vum fréieren Härenhaus vun der Dréckerei Faber entstanden ass, verbënnt op beandrockend Aart a Weis industriellt Ierwe mat architektonescher Innovatioun. D'Villa Faber ass déi nei Heemecht vum Mierscher Gemengenarchiv, vun de Mierscher Geschichtsfrënn an dem Mierscher Lieshaus, mat deem eis Gemeng konventionéiert ass.


Mat 170.000 archivéierten Dokumenter an enger Sammlung vun 18.000 Medie verkierpert dës 1.100 m² grouss kulturell Infrastruktur en harmoneschen Dialog tëscht Traditioun a Modernitéit.

D'Villa Faber ass op folgenden Zäiten op:

- Dënschdes: 14.00 bis 18.00 Auer
- Mëttwochs: 15.00 bis 19.00 Auer
- Donneschdes: 14.00 bis 18.00 Auer
- Freides: 10.00 bis 14.00 Auer
- Samschdes: 10.00 bis 13.00 Auer

Weider Informatiounen fannt Dir op www.mierscher-lieshaus.lu oder ënnert der Telefonsnummer 32 50 23 550.

Adress: 7, rue des Prés L-7561 Mersch



Regionale Genoss am Veräinshaus

E RÉCKBLÉCK OP DÉI KULINARESCH KACHCOURSEN

24.06.2026 + 01 & 08.07.2026 SCHOUS


Eis lokal Landwirtschaft bitt alles, wat ee fir eng exzellent Gastronomie brauch – dat war de Message vun deenen dräi Kach-Owender, déi d'Kommissioun fir d'Ënnerstëtzung vu lokalen, fair gehandelten a biologesche Produiten dëse Summer organiséiert hat. Dëst Joer waren d'Kachcoursen, genee sou wéi d'lescht Joer, gutt besat.



3 verschidden Theeme stoungen um Programm – e Cours mat Flesch (24. Juni), ee mat Fësch (1. Juli) an ee fir d'Libhaber vun der vegetarescher Kichen (8. Juli). Lokal Produce goufe fir déi verschidde Menüen verwent: ënner Anerem Flesch vun der Ferme Holzmacher vun Angelsberg an „Truite saumonée“ aus de Fëschber Weieren. D'Gedrénks gouf vun der Gemeng offréiert.

Fir dësen Event gouf d'Kichen am Veräinshaus zu Schous an e richteg gastronomeschen Atelier verwandelt. Mat der wäertvoller Expertise vun den zwee Cheffe Joran a José aus dem Restaurant „Struwweltöntert“ (Gemeng Helperknapp) kruten d'Participanten d'Geleeënheet, selwer unzepaken an Neies ze léieren.

Déi gréissten Hürd vun den Owender war sécherlech d'Koordinatioun. All d'Elementer vun de Platen zäitgläich, waarm a perfekt ofgeschmaacht um Teller ze presentéieren, ass eng Erausfuerderung, déi dank de Rotschléi vun de Profien exzellent gemeeschtert ginn ass. Wéi sech dunn um Enn all Mënsch ronderëm den Dësch versammelt huet, fir dat selwer Gekachtent ze genéissen, war d'Zefriddenheet grouss. Et ass einfach eppes Besonnesches, wann ee genee weess, wou d'Zutaten hierkommen a wéi vill Handwierk an all Gank stécht.



Virowend vum Nationalfeierdag

GEMENG FËSCHBECH

22.06.2026 FËSCHBECH

Den 22. Juni huet d’Gemeng Fëschbech de Virowend vum Nationalfeierdag a festlechem Kader gefeiert. Vill Biergerinnen a Bierger, Vertrieder vun de Veräiner an der Gemengepolitik waren der Invitatioun nokomm an hunn zu enger flotter a geselleger Atmosphär bäigedroen.

Nom Te Deum an der Gedenkminutt beim Monument aux morts zu Fëschbech, gouf d’Geleeënheet genotzt, fir am Veräinshaus op der Héicht verschidde Persounen ze éieren, déi sech duerch hiren Engagement oder hir sportlech Leeschtungen ervirgedoen hunn. Besonnesch ausgezeechent goufen eis laangjäreg Pompjeeësmemberen Michel Farenzena a Jean-Paul Degraux fir 20 Joer Déngscht souwéi Laurent Degraux fir 30 Joer Déngscht.



De Buergermeeschter Luss Brosius huet hinne fir hiren onermiddlechen Asaz am Déngscht vun der Bevëlkerung Merci gesot an hinnen déi verdéngte Medailen iwwerreecht.

Doriwwer eraus huet d'Gemeng hir Unerkennung géintwuer de jonke Sportlerinnen a Sportler ausgedréckt, déi d'Gemeng Fëschbech mat hiren exzellente Resultater op nationalem an internationalem Niveau vertrieben. Geéiert goufen: Lana Dahmen (Triathlon), Sam Brosius, Lee Brosius, Mathis Dieterlen an Noé Tibold (Basketball), Elena Schiltz, Maxime Rodesch a Chris Rodesch (Tennis), Maya Durrer an Nahima Durrer (Karaté), Felix Kolber a Roger Kolber (Keelen) souwéi Sébastian Götz (Segelflug).



D'Feier giong duerno an enger gemittlecher Ambiance weider. Bei gudde Gespréicher an engem Éierewäin haten d'Bierger a Biergerinnen d'Méiglechkeet, sech auszetauschen an déi schéi Momenter zesummen ze genéissen.

D'Gemeng Fëschbech seet all de Veräiner, der Chorale, de Pompjeeën, de Mataarbechter an alle Bedeelegte villmools Merci fir hiren Asaz an hiert Engagement, déi zum Erfolleg vun dësem flotte Fest bäigedroen hunn. Eng Kéier méi huet dës Feier gewisen, wéi wichteg Zesummenhalt, Benevolat a Gemeinschaftsgeescht fir e liewegt Gemengeliewe sinn.

Neues Fahrzeug

FÜR DEN FORSTDIENTST VON FISCHBACH UND LAROCLETTE

15.07.2026 SCHOUS

Am 15. Juli 2026 wurde das neue Fahrzeug des gemeinsamen Forstdienstes der Gemeinden Fischbach und Larochette im Rahmen einer kleinen Feierstunde im Veräinshaus in Schoos offiziell an die Mitarbeiter des Forstreviers Larochette übergeben.

Die Übergabe fand in Anwesenheit der Bürgermeister Mirko Martellini und Lucien Brosius sowie des Försters Oli Molitor statt.

Beim neuen Fahrzeug handelt es sich um einen Volkswagen Transporter Kastenwagen Kurzversion 110 kW TDI A8 4x4, der speziell auf die Anforderungen der Forstarbeit abgestimmt ist. Die Innenausstattung wurde teilweise vom Gemeindepersonal realisiert. Die äußere Gestaltung des Fahrzeugs wurde auf Grundlage von Fotografien entworfen, die von unserem Förster aufgenommen wurden.



Visite PAP um Béchel

30.07.2026 ANGELSBIERG

Den 30. Juli konnt sech de Gemengerot zesumme mat de Proprietäre vum PAP „Um Béchel“ e Bild vum Fortschrëtt vum Chantier maachen. De PAP soll, wat d'Infrastrukturaarbechten ugeet, Ufank 2027 fäerdeg ginn.



Buergermeeschterdag

OP DER SCHUEBERFOUER

25.08.2026 LËTZEBUERG

Dëschdes, de 25. August, war op der Schueberfouer de traditionelle Buergermeeschterdag, un deem och eise Buergermeeschter Lucien Brosius deelgeholl huet. Am Restaurant Schla'Winer huet hien d'Gäschtertzerwéiert an dobäi fir eng flott Ambiance gesuergt.

Ënnert de Gäschtert waren och Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Fëschbech, déi vum Buergermeeschter perséinlech bedéngt goufen.



Einweihung des regionalen Waldfriedhofs „Bëschkierfecht an der Seitert“

17.09.2026 LÉNTGEN




Am **17. September 2026** wurde der regionale Waldfriedhof „**Bëschkierfecht an der Seitert**“ in Lintgen offiziell eingeweiht. Die Einweihung fand in Anwesenheit von Vertreterinnen und Vertretern der **Gemeinden Lintgen, Lorentzweiler und Fischbach** statt. Mit dem gemeinsam getragenen Projekt steht den drei Gemeinden nun ein naturnaher Ort des Abschieds und der letzten Ruhe zur Verfügung.

Der Waldfriedhof folgt dem Leitgedanken „**Ruhe finden. Natur bewahren.**“ Am Fuße ausgewählter Bäume oder auf einer Waldlichtung kann die Asche Verstorbener unmittelbar der Erde zurückgegeben werden. Dabei soll der natürliche Charakter des Waldes vollständig erhalten bleiben: Der Ort bleibt still, schlicht und naturbelassen. Auf klassischen Grabschmuck wie Blumen, Kerzen, Kreuze, Laternen oder Pflanzungen wird daher bewusst verzichtet.

Beigesetzt werden können Verstorbene mit einem Bezug zu den Gemeinden **Fischbach, Lintgen oder Lorentzweiler**. Dieser Bezug kann durch den Wohnsitz, den Sterbeort, ein bestehendes Bestattungsrecht oder eine nachweisbare dauerhafte Verbindung zu einer der drei Gemeinden gegeben sein.





Ob ein Anspruch besteht, wird von der Gemeinde im Einzelfall geprüft.

Für die Beisetzung stehen **zwei Formen** zur Verfügung. Am Bestattungsbaum wird die Asche ohne Urne in eine mindestens 20 Zentimeter tiefe Bodenöffnung eingebracht und anschließend mit Erde bedeckt. Alternativ kann die Asche auf der dafür vorgesehenen Waldlichtung frei verstreut werden. Dies erfolgt ausschließlich durch befugtes Personal. Urnen – auch biologisch abbaubare – sind auf dem Waldfriedhof nicht zugelassen.

Eine zivile oder religiöse **Abschiedszeremonie** ist möglich. Beisetzungen finden an Werktagen zwischen **8.30 und 16.30 Uhr** statt. Bei Sturm oder anderen Gefahrensituationen kann ein Termin aus Sicherheitsgründen verschoben werden. Die Konzession für einen Platz am Bestattungsbaum beträgt **300 Euro** und gilt für **30 Jahre**, wobei eine Verlängerung möglich



ist. Für eine Gedenktafel mit Namenseintrag werden **75 Euro** berechnet. Die Verstreuerung der Asche auf der Waldlichtung kostet **130 Euro**. Eine Reservierung zu Lebzeiten ist grundsätzlich nicht möglich. Eine Ausnahme besteht bei einer ärztlich bestätigten Lebenserwartung von weniger als einem Jahr. Maßgeblich sind das kommunale Reglement sowie die jeweils gültige Gebührenordnung.

Im Todesfall wenden sich die Angehörigen oder das beauftragte Bestattungsunternehmen zunächst an das **Standesamt der jeweiligen Gemeinde**. Dort werden der Termin und die notwendigen Formalitäten abgestimmt.

Mit dem Bäschkierfecht an der Seitert schaffen die Gemeinden Fischbach, Lintgen und Lorentzweiler gemeinsam einen Ort, an dem Abschied und Erinnerung in einer natürlichen Umgebung ihren Platz finden – mitten in der Natur und unter Wahrung des ursprünglichen Charakters des Waldes.

Schleefe mam Päerd

**TRADITIOUN MAT ZUKUNFT
AM FËSCHBER GEMENGEBËSCH**

22.04.2026 FËSCHBECH

Am Fëschber Gemengebësch gëtt et all Joer eng ganz speziell Aart a Weis, Holz aus dem Bësch ze kréien: et gëtt mam Päerd geschleeft. Dat geschitt ëmmer do, wou d'Dimensiounen vum Holz et zouloossen. Dëst Joer gouf an der Parzell 17 „Fëschber Seitert“ e Buche-Bestand duerchforst.

Fir dës Aarbecht war de Benoît Mathay mat sengem Päerd Gamin am Asaz. De Gamin ass 14 Joer al a bréngt tëscht 750 an 800 Kilo op d'Wo. Ënner ideale Konditiounen kann e Päerd ongeféier säin eegent Gewiicht u Holz zéien. Dat funktionéiert awer just, wann den Terrain net ze steil ass an net ze vill Äscht oder Ennerwues stéieren. Am Alldag gëtt awer drop opgepasst, datt d'Päerd net permanent un d'Limit geet, well et soss de gewinnte 7-Stonnen-Dag net packt an et och net gutt fir d'Gelenker ass.

Mee firwat iwwerhaupt mam Päerd schaffen? D'Virdeeler leien op der Hand: e Päerd ass vill méi liicht a wendeg wéi grouss Maschinnen. Doduerch gëtt de Buedem manner verdicht, an et kann och ausserhalb vun de geplangte Schneise schaffen, well et méi no bei de Bam kënnt. Aus Ëmweltsicht ass et och eng propper Léisung – kee Kaméidi a keng Ofgase wéi bei Maschinnen.



Natierlech huet dës Method och hir Nodeeler: d'Schleefe mam Päerd ass méi deier a limitéiert, wat d'Déckt vun de Beem ugeet. Allerdéngs ginn et méttlerweil héich Subsidien, déi dës Aarbecht ënnerstëtzen an déi Käschten e bëssen opfänken. Donieft kënnt nach e positiven Nieweneffekt dobäi: vill Leit hunn eng grouss Freed drun, wann se esou eng traditionell a nohalteg Aarbecht am Bësch gesinn.





Dat huet sech och den 22. Abrëll 2026 gewisen. Eng ganz Partie Kanner sinn zesumme mat hirem Léierpersonal laanscht komm, fir dem Benoît a sengem Gamin iwwer d'Schëller ze kucken. Dobäi waren d'Catalina Baden an d'Michelle Vrehen mam Précocé, d'Katia Carvalho mam Cycle 3 mixte an d'Lisa Pansin mam Cycle 2.1. D'Begeeschterung bei de Kanner war grouss – fir vill war et eng ganz nei Erfahrung, esou no dobäi ze sinn.

Esou Initiative kommen immens gutt un: d'Kanner freeën sech, praktesch Ablécker an d'Natur an d'Aarbecht am Bësch ze kréien. Gläichzäiteg léieren si op eng lieweg Manéier, wéi nohalteg Forstwirtschaft funktionéiere kann – an datt Traditioun an Ëmweltschutz sech perfekt ergänzen.

Olivier Molitor & Michelle Vrehen



Möllerdall UNESCO Global Geopark erhält Verlängerung des UNESCO-Status

27.04.2026 PARIS



Der Natur- & UNESCO Global Geopark Möllerdall freut sich, bekannt zu geben, dass der UNESCO Global Geopark Status der Region erfolgreich um weitere vier Jahre verlängert wurde. Die feierliche Überreichung des Zertifikats fand am 27. April 2026 im UNESCO-Hauptsitz in Paris statt.



Im Rahmen der aktuellen Re-Evaluierungsrunde wurden weltweit 38 Geoparks mit einer sogenannten „Green Card“ ausgezeichnet. Sechs bestehende Geoparks erhielten eine „Yellow Card“. Das bedeutet, dass sie die Kriterien derzeit nicht mehr vollständig erfüllen. Die zuständige Verwaltung wird benachrichtigt und hat zwei Jahre Zeit, die erforderlichen Maßnahmen zur Revalidierung einzuleiten. Zwölf neue Regionen wurden in das internationale Netzwerk der UNESCO Global Geoparks aufgenommen. In Europa sind es inzwischen 122 Geoparks, weltweit sogar 241 in 50 Ländern.

Ein Rückblick auf die Re-Evaluation

Vom 11. bis 15. Juni 2025 stellte sich die Region der turnusmäßigen Re-Evaluation, die alle vier Jahre durchgeführt wird und eine zentrale Voraussetzung für den Erhalt des UNESCO-Labels darstellt. Ziel dieses umfassenden Prozesses ist es, die Weiterentwicklung des Geoparks zu überprüfen und Impulse für die zukünftige Arbeit zu geben.

Zwei von der UNESCO entsandte Gutachter, Sara Gentilini (University of Southern Denmark) und Goran Pavic (Papuk Geopark, Kroatien), machten sich vor Ort ein genaues Bild davon, wie sich der Natur- & Geopark Möllerdall seit seiner Aufnahme in das internationale Netzwerk im Jahr 2022 weiterentwickelt hat. Ein intensives Programm führte sie durch sämtliche Mitgliedsgemeinden und machte die Vielfalt der Projekte und Umsetzungen im Geopark erlebbar.

Vielfältige Einblicke in eine dynamische Region

Die Evaluierungsmission umfasste unter anderem Besuche zentraler Standorte wie des *Geo-Pad Haupeschaach an Halerbaach* in Beaufort, der Geo-Expo mit ihrer „Wall of Geoparks“ sowie zahlreicher Geotope und Projektumsetzungen. Dabei wurde deutlich, wie konsequent der Geopark seinen ganzheitlichen Ansatz verfolgt.

Die Durchführung der Re-Evaluation wurde federführend vom Natur- & Geopark Möllerdall organisiert und durch eine breite regionale Partnerschaft unterstützt. Darunter Gemeinden, lokale Akteure wie Tourist Infos, Museen und Gastronomiebetriebe, Vertreter des LEADER Möllerdall, des regionalen Tourismusverbands ORT-MPSL, der ANF sowie nationaler Institutionen.

„Diese Auszeichnung ist das Ergebnis einer starken Zusammenarbeit in der gesamten Region“, betont Claude Petit, Direktor des Natur- & Geopark Möllerdall. „Sie zeigt, dass wir gemeinsam erfolgreich daran arbeiten, unser geologisches, natürliches und kulturelles Erbe zu bewahren und die Region nachhaltig weiterzuentwickeln.“

Internationale Anerkennung für beeindruckende Fortschritte

Die Gutachter hoben in ihrem Abschlussbericht die „beeindruckenden Fortschritte“ des Geoparks hervor.

Besonders gewürdigt wurden zahlreiche Projekte, die den Schutz von Natur- und Kulturerbe stärken und gleichzeitig zur nachhaltigen Entwicklung, zum Klimaschutz und zur Förderung der Biodiversität beitragen.

Auch die deutlich gesteigerte Sichtbarkeit, sowohl vor Ort durch Bildungsangebote und Infrastruktur als auch digital über soziale Medien, wurde positiv hervorgehoben. Die konsistente visuelle Identität des Geoparks wurde als Ausdruck einer professionellen und effektiven Kommunikationsstrategie bewertet.

„Der Geopark fungiert als verbindendes Element in der Region und bringt Gemeinden, Experten, Einwohner sowie Institutionen zusammen“, heißt es im Bericht der Gutachter.

Empfehlungen als Chance für Weiterentwicklung

Neben der positiven Gesamtbewertung formulierte das UNESCO Global Geoparks Council auch konkrete Empfehlungen für die kommenden vier Jahre. Dazu zählen unter anderem:

- die stärkere Integration englischsprachiger Inhalte zur Verbesserung der internationalen Zugänglichkeit,
- die Vertiefung der geologischen Vermittlung im Tudor Museum in Rosport,
- die Entwicklung von Informationsmaterialien zu Naturgefahren im Kontext des Klimawandels sowie
- die Aufbereitung der Fundstelle des „Loschbour-Mann“ in der Gemeinde Heffingen im geologischen Kontext.

Diese Empfehlungen versteht der Möllerdall UNESCO Global Geopark als wichtige Leitlinien für die zukünftige strategische Weiterentwicklung. Bereits jetzt wird aktiv an der Umsetzung der ausgesprochenen Empfehlungen gearbeitet.

Was bedeutet der Status als UNESCO Global Geopark?

UNESCO Global Geoparks sind Regionen mit Stätten und Landschaften von international anerkannter geologischer Bedeutung, deren Wert durch ein Gesamtkonzept erlebbar wird, das die Bereiche Bildung, Schutz und nachhaltige Entwicklung umfasst. Sie arbeiten für die Menschen und Gemeinden ihrer Region, bringen den Menschen vor Ort den Wert ihres geologischen Erbes näher und schaffen so eine Identifikation mit der Region. Sie fördern Geotourismus und Regionalentwicklung und greifen die Herausforderungen der heutigen Gesellschaft wie Themen des globalen Wandels (Klima-wandel, Naturgefahren) auf.

Blick in die Zukunft

Mit der erneuten Auszeichnung als UNESCO Global Geopark blickt der Natur- & Geopark Möllerdall zuversichtlich in die Zukunft. Die kommenden vier Jahre werden genutzt, um bestehende Projekte weiter auszubauen, neue Impulse zu setzen und die erfolgreiche Zusammenarbeit in der Region weiter zu stärken.

„Die Green Card ist für uns nicht nur eine Bestätigung unserer Arbeit, sondern auch ein Auftrag, den eingeschlagenen Weg konsequent weiterzugehen“, so Ben Scheuer, Präsident des Natur- & Geopark Möllerdall. „Wir freuen uns darauf, die Zukunft des Geoparks gemeinsam mit unseren Partnern aktiv zu gestalten.“

Natur- & Geopark Möllerdall - www.naturpark-mellerdall.lu

11 Gemeinden und der Staat haben sich unter der Bezeichnung Natur- & Geopark Möllerdall zusammengeschlossen, um die Region nachhaltig zu entwickeln.

Hinter dem Titel steckt mehr als Projekte in den Bereichen Natur und Geologie. Auf unterschiedlichste Art und Weise werden hier vielfältige Projekte umgesetzt und Beratungsdienste angeboten.

Dies in folgenden Bereichen: Klima & erneuerbare Energien, Trinkwasserschutz, Wissensvermittlung, Schutz und Erhalt des kulturellen Erbes, Beratungsdienst für regionale Produzenten, Beratungsdienst für kleine und mittelständige Unternehmen, Geologie, Schutz von Natur und Landschaft.

Dabei richtet sich der Natur- & Geopark Möllerdall an die Einwohner und Gäste der Region. Folgende 11 Gemeinden sind Teil des NGPM: Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Echternach, Fischbach, Heffingen, Larochette, Nommern, Rosport-Mompach und Waldbillig. Die Gemeinden Reisdorf und Vallée de l'Ernz sind aktuell Beitrittskandidaten.

Klimapaktdag

08.05.2026 LËTZEBUERG

D'Klimateam vun der Gemeng Fëschbech huet um Klimapaktdag 2026 deelgeholl, organiséiert vun der Klima-Agence. Dëse järechen Event ass e wichtege Moment fir ze weisen, datt Klimaaarbecht eng kollektiv Approche ass an e wesentleche Bestanddeel vun der zukünfteger Liewensqualitéit an der Sécherheet an de Gemengen.

Déi verschidden Theme vun der Konferenz – wéi Upassung un de Klimawandel, Hëtzt, Staarkreen, Iwwerschwemmunge souwéi d'Klimaresilienz an de Gemengen – sinn och zu Fëschbech am Alldag relevant a ginn aktiv am Kader vun de Projeten a Reflexiounen behandelt.

Dësen Austausch mat sou ville Gemengen aus dem Land war e wäertvolle Moment, fir Erfahrungen ze deelen, nei Impulser matzehuelen a Fëschbech am Kader vu senger Klimapakt-Aktiounen konsequent weiderzeféieren.



Klimateam Gemeng Fëschbech

Ëmfro Mobilitéit

NOHALTEG MOBILITÉIT AN DE BETRIBER

Am Kader vun der Fuerderung vun der nohalteger Mobilitéit an de Betriber (Covoiturage, Carsharing a Mobilitéit aktive) gouf eng Ëmfro a Form vun engem Questionnaire un all d'Entreprise an der Gemeng Fëschbech verschéckt. D'Zil vun dëser Ëmfro war et, de Feedback vun den Entrepreneuren ze sammelen an d'Moossnamen, déi aktuell an deenen eenzelnen Betriber fir déi verschidden Transport Modalitéiten gëllen, ze verstoen. D'Resultater erlaben d'Ëmsetzung vu gezielten Initiativen, fir d'Adoptioun vun dësen Praktiken an den Entrepreneuren ze fërderen an ze erliichteren. De Feedback vun den Entrepreneuren, déi un der Enquête deelgeholl hunn, louch bei ronn engem Véierel (¼) vun der Gesamtziel vun den Entrepreneuren, déi vun der Gemeng Fëschbech ugeschriwwen goufen.



Visitt vun der Agri-PV-Anlag

01.06.2026 BIERENGERBIERG

Den 1. Juni 2026 hunn d'Klimateams vun Noumer, Fiels a Fëschbech, zesumme mam Gemengerot vu Fëschbech, d'Agri-PV-Anlag um Bierengerbiere, déi vum Bauerebetrib Weis vun Angelsbiere bedriewe gëtt, besicht. D'Visitt gouf vum Patrick Witte vu GPSS organiséiert.

D'Participanten hunn als éischt en Abléck an de landwirtschaftlechen Deel vum Projet kritt. D'Particularitéit vun esou enger Anlag ass, datt Landwirtschaft a Stroumproduktioun op der selwechter Fläch kombinéiert ginn. Bei dësem Projet sinn nëmmen 3 % vum Terrain duerch d'Photovoltaikanlag bedeckt, während 97 % weiderhi landwirtschaftlech genotzt kënne ginn. D'Anlag ass komplett betonfräi opgebaut. D'Solarpanneae sti mat engem Ofstand vu 7 Meter vuneneen, soudatt d'Felder weiderhin ouni Aschränkunge kënne bewirtschaft ginn an de Fruchtwechsel méiglech bleift. Énner de Pannae goufe Bléisträifen ugeluecht, déi d'Biodiversitéit fërderen.

An engem zweete Schrëtt gouf den techneschen Deel virgestallt. D'Anlag verfuegt iwwer beweeglech Solarpanneae mat engem sougenannten Tracking-System. Dës Pannae richte sech no der Sonn aus, wat eng méi héich Energieproduktioun erméiglecht. Bei Stuerm kënnen d'Pannae sech automatesch an eng Schutzpositioun beweegen. Eng Wiederstatioun um Site liwwert dofir déi néideg Donnéeën. Dëse System erméiglecht et och d'Bléisträifen énnert de Pannae korrekt ze bewirtschaften.

D'Installatioun huet eng Leeschtung vun 1,74 MWp a produzéiert ronn 2,3 Milliounen kWh Stroum pro Joer. Zum Ofschluss gouf nach Traffostatioun gewisen, déi um Rand vum Site installéiert ass, an den Usschluss un d'Mëttelspannungsnetz vun CREOS erméiglecht.

De Projet gouf am Kader vum nationalen Opuuf fir Projete an de Jore 2022-2023 ageleet. No den Autorisatiounen an Etüden am Joer 2024 konnt de Chantier Enn 2025 ofgeschloss ginn. D'Visitt huet gewisen, wéi erneierbar Energien a modern Landwirtschaft erfollegräich matenee verbonne kënne ginn an domat e Bäitrag zu enger nohalteger Energieversuerung leeschten.

Klimapaktteam Gemeng
Fëschbech



Rückblick: Möllerdall Days 2026

30.5-09.06.2026 MÖLLERDALL

Vom 30. Mai bis zum 9. Juni 2026 fanden im Rahmen der European Geoparks Week die Möllerdall Days des Natur- & Geoparks Möllerdall (UNESCO Global Geopark) statt. Mit einem abwechslungsreichen Programm rund um Natur, Geologie, Kultur und Geschichte boten zahlreiche Veranstaltungen die Möglichkeit, die Region und ihr Erbe aus neuen Perspektiven zu entdecken.

Ein Programmpunkt führte die Teilnehmenden auch nach Fischbach. Bei der Exkursion „Auf den Spuren der Industrie im Möllerdall“ am 5. Juni 2026 begaben sie sich auf eine Reise durch die Industriegeschichte der Region. Neben der ehemaligen Textilindustrie in Larochette und dem bis heute aktiven Steinbruch in Erzen stand die Stahlindustrie in Fischbach im Mittelpunkt.

Hier erhielten die Besucherinnen und Besucher spannende Einblicke in die Geschichte der ehemaligen Stahlindustrie und erfuhren, warum sich dieser Industriezweig gerade in Fischbach entwickelte, welche Anlagen sich einst hier befanden und welche Spuren dieser Vergangenheit bis heute sichtbar geblieben sind.

Die Exkursion schlug dabei eine Brücke zwischen Vergangenheit und Gegenwart und zeigte eindrucksvoll, wie vielfältig und wertvoll das industrielle Erbe des Möllerdalls ist.





Sie haben mehr Obst an Ihren
Bäumen als Sie verwerten können?



Sie sind auf der Suche nach regionalem Obst,
wissen aber nicht, wo Sie dieses finden können?



KIERFCHEN.LU

DIE INTERAKTIVE PLATTFORM RUND UM OBSTBÄUME



kierfchen.lu verbindet Anbieter und Suchende –
schnell, einfach, kostenlos. Entdecken Sie auch
regionale Produkte, Bienenstellplätze,
Pachtflächen oder Erntemaschinen.



kierfchen.lu

Helfen Sie mit, unsere artenreichen
„Bongerten“ zu erhalten – ob als Erntehelfer,
Tierhalter, Konsument oder Produzent.

Betreut durch den Natur- & Geopark Möllerdall mit Unterstützung des Umweltministeriums.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité



Gestaltung vum Naturerliebnisraum „Um Bur“

18.07.2026 SCHOUS



Samsdes, den 18. Juli 2026 waren e puer motivéiert a couragéiert Matbierger a Matbiergerinnen der Invitatioun vun der Gemeng Fëschbech a Kollaboratioun mam Natur a Geopark Mëllerdall nokomme fir eng Plaz zou Schous ze amenagéieren, wou Naturerfahrung an sech begéinen am Mëttelpunkt solle stoen.

Bei beschtem Wieder waren se vu ganz Kleng bis Pensionaire um Dill fir eng Hand mat un ze paken. Et gouf e.a. un Andeelunge fir Naschbeeter geschafft, e grouse Siichtschutz aus Doudholz mat Duerchgang zesumme gesat, eng Wunnlandschaft fir Insekten an eng Openthaltsplaz fir Kanner, Familljen, Frënn, a Nopere gouf modeléiert. Ganz hannen um Wupp vum Naturerliebnisraum goufe Brieder a Stämm, déi am Virfeld geschlaff a geschnidde goufen an eng Sëtzbank verwandelt.

Fir d'Mëttegiessen hu mir virum Gemengenatelier de Grill ugefaange well eng kleng Stäerking hate mer eis all verdéngt.

Am spéiden Nomëtteg hu mer Feierowend gemaach. Et war e gudden Ufank, eng convivial Geleeënheet fir Neies ze léieren, sech ze begéinen, mateneen ze schwätzen, eppes ze erschafen.

Op dëser Plaz geet en décke Merci un all d'Matbierger an d'Matbiergerinnen an un eis Gemengenaarbechter, déi sech um an och niewent dem

Workshop , ënnert dem Änder Erpelding senger Leedung, bedeelegt hunn.

De Projet ass nach net ofgeschloss dofir géife mir eis freeë wann dir iech och beim nächste Workshop géift aschreiwen.

D'Invitatioun fir déi nächst geselleg Aktioun am Naturerliebnisraum fann dir op der nächster Säit.



Gestaltung des Naturerlebensraums „Um Bur“

In der Gemeinde Fischbach entsteht mit dem Naturerlebensraum „Um Bur“ ein neuer Ort für Naturerfahrung und Begegnung. Der Natur- & Geopark Mëllerdall und die Gemeinde Fischbach laden Sie herzlich ein, diesen besonderen Ort aktiv mitzugestalten.

Workshop 2 – Bepflanzung

In diesem Workshop **pflanzen** wir gemeinsam **Gehölze, Wildstauden und Frühjahrsblüher**. So schaffen wir im Siedlungsbereich einen wertvollen Lebensraum, der Insekten ein reichhaltiges Angebot an Nahrung bietet.

Die Teilnahme ist kostenlos – Mittagessen inklusive!
Anmeldung bis zum 13.10.2026:
Telefonnummer: +352 327084-1
oder per E-Mail: population@acfischbach.lu



Aménagement de l'espace de découverte de la nature « Um Bur »

Dans la commune de Fischbach, un nouvel espace dédié à la découverte de la nature et aux rencontres, baptisé « Um Bur », est en cours d'aménagement. Le Natur- & Geopark Mëllerdall ainsi que la commune de Fischbach vous invitent chaleureusement à prendre part à la création de ce lieu unique.

Atelier 2 – Plantations

Au cours de cet atelier, nous **planterons** ensemble des **arbustes**, des **vivaces sauvages** et des **fleurs printanières**. Nous créerons ainsi un refuge précieux en milieu urbain, riche en ressources alimentaires essentielles pour les insectes.

La participation est gratuite – déjeuner offert !
Inscription jusqu'au 13.10.2026 :
Numéro de téléphone : +352 327084-1
ou par e-mail : population@acfischbach.lu



Nei Bewunner an eise Nistkëschten 1/2

An deene leschte Joren hu mer an deenen 2 Gemenge Fëschbech a Fiels eng ganz Partie Nistkëschten opgehaangen, an engem fréiere Gemengeblat ass doriwwer ausféierlech bericht gi. Bei zwou mei grouse Vullenaarten hunn ech déi d'Brutt vun deenen neie Bewunner am Bild festgehalen.



23.04.2026

D'Tuermeil leet meeschtens 3-12 Eeër bannent 2 Deeg, déi da just vun hir während ongeféier 30 Deeg ausgebréit ginn. Well d'Weibchen och hei direkt nom Ofléen vum éischten Ee mam Bréien ufänkt, sinn déi Jonk an ënnerschiddlechen Entwécklungsstadien, wat et erlaabt, den Ënnerscheed tëscht den eenzelne jonken Eile gutt ze erkennen. Bei den Tuermeilen ass et esou, dat d'Weibchen déi Jonk bis zum Alter vun 3 Wochen aleng fiddert, d'Männche bréngt d'Nahrung just erbäi. Just wann et e schlecht Mausjoer ass da geet och d'Weibchen an där Zäit op d'Juegd. Et ka virkommen dat déi mei staark jonk Eilen déi schwach Geschwëster dout maachen an se da friesse fir hier lwwerliewenschance ze optimiséieren. No 2 Méint wiesselen déi jonk Eilen hiert Daunenkleed an dat fäerdeg Gefieder. Ab dem Alter vun engem Mount trainéieren se matt Spréng hier Muskelen, a matt 1 1/2 Mount maachen se, wa Platz genuch do ass, sougenannte Flatterspréng fir hier Flugtechnik anzeüben.

Olivier Molitor



03.05.2026



10.05.2026



18.05.2026



25.05.2026



01.06.2026



08.06.2026



15.06.2026



22.06.2026

Renaturierung von 3 Quellen im Schichtegronn

Das Mullerthal mit seinen ausgedehnten Sandsteinvorkommen ist bekannt für seine zahlreichen Quellen. Bei einer 2013 durchgeführten Kartierung konnten in der Region 348 Quellen erfasst werden. Ihre Bewertung ergab, dass die Hälfte dieser Lebensräume in einem mittleren bis schlechten Zustand ist. Dieser Befund veranlasste 2017 die Natur und Forstverwaltung, zusammen mit dem Natur- und Geopark und den Organisationen Natur a Mënsch sàrl und der Fondation Hëllef fir d'Natur das „Aktionsprogramm zum Quellenschutz im Naturpark Mullerthal“ auszuarbeiten und rund 40 Quellen zu renaturieren. Dieses Programm geht jetzt in seine 2. Runde und hat sich zum Ziel gesetzt bis 2029 weitere Quellen naturschutzfachlich aufzuwerten.

Nicht die Versorgung mit Trinkwasser, sondern der Schutz des Lebensraumes Quelle für Fauna und Flora sind das Ziel dieses Aktionsprogrammes. So konnten im Schichtegronn bei Fischbach in den vergangenen Monaten 3 Quellen instandgesetzt werden. Verrohrungen unter der Straße sowie Betonschächte verhinderten vielen Quellorganismen das Wandern im Bachbett. Glatte Rohroberflächen und Abstürze in Schächten wurden durch eine Rinne mit durchgehendem, natürlichem Substrat und einem natürlichen Bachbett ersetzt. Hierdurch konnte die Durchgängigkeit für sensible, hochspezialisierte Kleintiere, die nur in den Quellen leben können, wieder hergestellt und ihr Lebensraum deutlich vergrößert werden. Die Kosten dieser Arbeiten werden zu 100% vom Fonds pour la gestion de l'eau übernommen. Sie sind interessiert – es können auch Projekte auf Privatgelände durchgeführt werden.

Ansprechpartner für die Beratung und Umsetzung der Arbeiten in der Gemeinde Fischbach ist
Änder Erpelding (Dipl.Geogr.)
vom Planungsbüro Natur a Mënsch sàrl;
Tel: 26 87 06 46;
Mail: a.erpelding@pt.lu



Larve einer Köcherfliegenart die ausschließlich in sauberen Quellen lebt (Foto Niels Sloth)



Über Jahrzehnte, durch Verrohrung und Betonschacht zerstörte Quelle wird wieder freigelegt



Wiederhergestellter Quelllebensraum



Eine für Organismen durchgängige Rinne ersetzt das frühere Rohr

Attraktionen für Familien und Kinder

TOURISMUSVERBAND REGION MÜLLERTHAL – KLEINE LUXEMBURGER SCHWEIZ



Die Region Müllerthal zeichnet sich bekanntlich durch ihre beeindruckenden Sandsteinfelsformationen aus, die vor Millionen von Jahren entstanden sind. Viele Wanderwege durchziehen die Region, darunter der regionale Leitwanderweg, Mullerthal Trail, 112 km lang, auf drei großen Routen und 5 ExtraTouren angelegt.

So viele Kilometer müssen es aber nicht sein, wenn man mit Kindern die Region aktiv erleben möchte. Die spannenden Felspalten Kuelscheier, Déiwepëtz und Rittergang liegen auf dem lokalen Wanderweg C2 in Consdorf, die Raiberhiel liegt am Wanderweg B2 in Berdorf. Auch der Geo-Pad Haupeschaach-Halerbaach in Beaufort verspricht Abwechslung und interessante Entdeckungen unterwegs. Der Kinderwanderweg „Auf den Spuren von Charly“ und die Kegelbahn am Spielplatz an der Becher Gare sorgen auch in Bech für gute Unterhaltung.

Auf den großen Abenteuerspielplätzen in Rosport, am Echternacher See, in Berdorf und in Müllerthal kann man viele Stunden verbringen. Wer Abkühlung an heißen Tagen möchte, kann sich nach vorheriger Bestellung in Rosport am Camping ein Stand Up Paddle oder ein Kayak mieten.

Kugelbahnen in Berdorf und Müllerthal

In Berdorf und Müllerthal befinden sich seit kurzem große Holz-Murmelbahnen aus heimischem Holz im Freien. Man lässt die Holzkugeln durch eine kunstvoll gebaute Bahn rollen und verfolgt ihren Weg über Rampen, Kurven, Tunnel und andere Hindernisse.

In Müllerthal ist die Kugelbahn Teil des großen Abenteuer- und Wasserspielplatzes und so gestaltet, dass die Kugeln verschiedene Wege und Hindernisse überwinden, was spielerisch Beobachtungsgabe und Verständnis für Bewegung und Geschwindigkeit fördert.



Die Berdorfer Kugelbahn liegt mitten im Wald auf dem Spielplatz im Freizeitgebiet Martbusch. Sie ist besonders naturnah gestaltet und führt die Kugeln durch eine Holzkonstruktion über Brücken, Spiralen, Tunnel und Rampen. Die Idee ist nicht nur das Rollen der Kugeln, sondern auch das Naturerlebnis rundherum.

Die benötigte Holzkugel kann man sich in den Tourist-Infos oder in den Automaten vor Ort kaufen und die Kugel kann dann immer wieder verwenden.

École du Goût

Die École du Goût ist ein interdisziplinäres Projekt im Bereich der Ernährungs- und Verbraucherbildung, das Menschen jeden Alters einen Zugang zu einer gesunden und nachhaltigen Esskultur ermöglicht. Besonderer Wert wird dabei auf die Verwendung saisonaler und regionaler Produkte gelegt. Die École du Goût ist ein gemeinsames Projekt der Naturparke Our, Öewersauer und dem Natur- & Geopark Möllerdall. Weitere Informationen finden Sie unter ecoledugout.lu.

KOHLRABI – EIN UNSCHEINBARES GEMÜSE MIT VIEL POTENZIAL

Zwischen all den modernen Trendzutaten und Superfoods gibt es ein Gemüse, das eher bescheiden wirkt und genau dadurch überrascht: der Kohlrabi. Kohlrabi ist ernährungsphysiologisch besonders interessant wegen seiner niedrigen Kalorienzufuhr und seines sättigenden Ballaststoffgehalts. Was die Vitamine betrifft, schützt Vitamin C, das in erheblichen Mengen vorhanden ist, den Körper vor Infektionen. Mit seinem mild nussigen Geschmack und seiner frischen, knackigen Textur kann er viel mehr, als man ihm auf den ersten Blick zutraut.

Beim Einkauf gut hinschauen

Beim Kauf von Kohlrabi lohnt sich ein genauer Blick: Frische Qualität erkennen Sie an kräftig grünen Blättern und einer festen Knolle mit glatter Schale. Die Farbe kann je nach Sorte von zartem Hellgrün bis hin zu intensivem Blauviolett variieren, geschmacklich macht das kaum einen Unterschied. Kleinere Knollen sind meist besonders zart und haben eine feinere Struktur als große Exemplare. Zu Hause hält sich Kohlrabi im Gemüsefach des Kühlschranks mindestens eine Woche. Wichtig ist, das Blattgrün vorher zu entfernen. Es entzieht der Knolle sonst Feuchtigkeit und lässt sie schneller weich werden.

Knackig und frisch

Roh ist Kohlrabi besonders beliebt. In Stifte geschnitten eignet er sich als gesunder Snack für zwischendurch, pur oder in einen cremigen Joghurt dip getunkt. Auch im Salat macht er eine gute Figur: Fein gerieben und mit einem säuerlichen Apfel gemischt, entsteht ein frischer, leichter Mix, der mit einer würzigen Vinaigrette perfekt abgerundet wird.

Warm ein echter Alleskönner

Gekocht zeigt Kohlrabi ebenfalls seine Vielseitigkeit. In Gemüsepfannen, Suppen oder Aufläufen bringt er eine sanfte Süße und eine feste, angenehme Konsistenz mit. Ein Geheimitipp, der inzwischen immer beliebter wird, ist das Kohlrabi-Schnitzel: Scheiben der Knolle kurz blanchieren, panieren und knusprig in Öl anbraten, ein überraschend deftiges Gericht, das bei Kindern wie Erwachsenen gut ankommt.



© Pixabay

Nicht wegwerfen: das wertvolle Blattgrün

Eine oft übersehene Besonderheit sind die Blätter des Kohlrabis. Sie enthalten sogar mehr Beta-Karotin, Antioxydantien und Vitamin C als die Knolle selbst. Fein gehackt würzen sie Suppen, Gemüsepfannen oder Aufstriche. Größere Blätter können wie Spinat zubereitet oder als Basis für Pesto, Füllungen oder Rouladen genutzt werden.

Kohlrabi zeigt damit: Für spannende Gerichte braucht es nicht immer ausgefallene Zutaten. Manchmal reichen eine einfache, runde Knolle und etwas Neugier beim Kochen.

KNUSPRIGER KOHLRABI



Zutaten für 4 Personen

- 600 g Kohlrabi (2 Stück) mit Blättern
- 1 Frühlingszwiebel
- 20 g Petersilie (1/2 Bund)
- 350 g Magerquark
- 150 g Naturjoghurt
- 1/2 Zitrone
- 1 EL Nussöl
- 60 g Weizenmehl-Vollkorn
- 2 Eier
- 25 g Kürbiskerne
- 100 g Semmelbrösel-Vollkorn
- 2 EL Rapsöl
- Salz, Pfeffer

Zubereitung

Kohlrabi putzen, schälen und in ca. 1 cm dicke Scheiben schneiden. In kochendem Salzwasser 5 Minuten blanchieren, herausnehmen, kalt abschrecken und trocken tupfen.

Inzwischen die Frühlingszwiebel putzen, waschen und in feine Ringe schneiden. Ein Blatt des Kohlrabis und Petersilie waschen, trocken schütteln und beides fein hacken. Zitrone abwaschen, trockentupfen und 1 Teelöffel Zitronenschale abreiben. Zitrone auspressen. Quark mit Joghurt und Nussöl verrühren. Frühlingszwiebel und Kräuter untermischen und mit Salz, Pfeffer, Zitronenschale und Zitronensaft abschmecken.

Mehl auf einen Teller streuen. Eier in einem tiefen Teller aufschlagen, verquirlen, salzen und pfeffern. Kürbiskerne im Mörser fein zerkleinern, mit den Semmelbröseln vermischen und auf einen Teller geben.

Kohlrabischeiben erst in Mehl, dann im Ei und in den Bröseln wenden. Eine beschichtete Pfanne erhitzen, mit 1 Esslöffel Öl einpinseln und die Hälfte der Kohlrabischeiben von beiden Seiten etwa 3 Minuten bei mittlerer Hitze goldbraun braten. Warmhalten. Die andere Hälfte mit dem restlichen Öl braten.

Kohlrabischnitzel mit dem Quark servieren.

Visite bei de Pompjeeën

Den 18. Mee si mir mam Cycle 4.2 an d'Fiels bei d'Pompjeeë gefuer. Do krute mir déi wichtegst Aufgabe vun de Pompjeeën erkläert a mir konnten hir ganz Ausrüstung kucken.

De Matteo duerft souguer eng Kéier déi komplett Pompjeesuniform undoen.

Duerno konnte mir e Pompjeeswon vu banne kucken a mir hu gesinn, wat fir Material alles dran ass.

Als Nächst si mir bei d'Ambulanz gaangen. D'Julie gouf un den EKG ugeschloss, an de Jonatan duerft sech op de Brancard leeën. Hie gouf duerno an d'Ambulanz gedréckt.

Et war e ganz interessanten Ausfluch a mir hu vill iwuer d'Aarbecht vun de Pompjeeën an de Rettungsdéngschter geléiert.



Liesung vum Kai Pannen



Eng ganz flott Erfahrung hunn d'Kanner aus de Cyclen 2 bis 4 dëst Joer an der Angsber Schoul dierfe maachen:

Nodeems de Cycle 3 am 2. Trimester eng gemeinsam Lektür vum Buch „Mach die Biege, Fliege!“ gemaach huet, huet de Schrëftsteller an Illustrator vum dësem Buch, de Kai Pannen, eis de 17. Juni an der Angsber Schoul besicht, fir eis z'erklären, wéi seng Bicher entstinn, a fir de Kanner aus de Cyclen 2 bis 4 aus senge Bicher virzeliesen.

Natierlech krut och jiddereen, dee wollt, eng Dedicace a säi Buch. Ausserdeem hu mir d'Billen, déi de Kai Pannen während senger Liesunge gemoolt huet, dierfen halen, fir eis Bibliothék ze verschéieren.

Merci der Gemeng, dass si eis dës flott Erfahrung erméiglecht huet. Wien elo virwëtzeg ginn ass, wat de Kai Pannen alles geschriwwen huet, kann sech hei informéieren: www.kaipannen.de



Ozeania

De 5. Juni huet d'Angsber Schoul hiert grousst Fest „Ozeania“ organiséiert. D'Cyclen 1 bis 4 hunn zesumme mat de Kanner, dem ganze Schoulpersonal an den Elteren e flott Fest ronderëm d'Theme Mier, Waasser a Mieresdéieren op d'Been gestallt. D'Kanner hunn d'Visiteure mat hire Presentatiounen op der Bün begeeschtert, déi an ee gemeinsaamt

Theaterstéck agebonne waren, an d'Fest war e grousse Succès mat villen interesséierte Visiteuren. Dank dem groussen Engagement vun alle Bedeelegte konnten 1.500 Euro gesammelt ginn, déi un d'ASBL Odyssea gespent goufen. Ee grousse Merci un all déi fläisseg Hänn an denkend Käpp a virun allem och un d'Gemeng fir hir Ënnerstëtzung.



Bauernhaff

Den 19. Juni war de Cycle 1 vun der Angsber Schoul bei der Joffer Catalina zu Waldbëlleg op de Bauerenhaff op Besuch. D'Kanner hunn do e flotte Moie mat villen interessanten Aktivitéite verbruecht an dobäi vill Spannendes iwuer d'Liewen an d'Aarbecht um Bauerenhaff geléiert. Mat vill Begeeschterung hunn si d'Joffer Catalina och bei verschiddenen Aufgaben um Haff ënnerstëtzt. Et war fir all Bedeelegt eng flott a léierräich Erfahrung.



Projet WibS-Bike

WIBBELEN AN INTELLIGENT BEWEEGEN AN DER SCHOUL

Während der Woch vum 22. Juni 2026 waren d'Schüler an d'Schülerinne vun de Cyclen 2-4 aus der Angsber Schoul sportlech am Schoulhaff a ronderëm d'Schoul gefuerdert: all Kand huet säi Vëlo an Helm matbruecht fir u flotte Gläichgewichtsspiller deel ze huelen an e Parcours mam Vëlo ze meeschteren.

Des Aktivitéiten hunn am Kader vum Projet „WibS-Bike“ stattfund, deen de Schoule vum SCRIPT ugebuede gëtt fir deene jonke Fuerer méi Sécherheet um Vëlo bäizebréngen, an hinnen ze erklären, wéi ëmweltfrëndlech dëst Fortbewegungsmëttel ass. Ausserdeem ass et gutt fir eis Gesondheet a niewebäi mécht et extrem vill Spaass.



Cycle 1 um Buerfousswee



Den 30. Juni war de ganze Cycle 1 vun der Angsber Schoul zu Miedernach um Camping Auf Kengert op Besuch. D'Kanner hunn do e flotte Virmëtteg um Buerfousswee verbruecht an duerno op der Spillplaz vum Camping gespillt. Si hate vill Freed dobäi, mat de Féiss verschidde Biedem ze ertaaschten, duerch de Bësch ze goen, ze klammen an ze balancéieren. Zum Ofschloss hunn si sech nach op der Spillplaz ausgetoobt a konnten de gelongene Moie mat vill Spaass ausklénge loossen.



Kolonie zu Dinant

Vum 8. bis den 10. Juli ware Kanner an d'Léierpersonal aus dem Cycle 4.2 an d'Kolonie op Dinant. Wärend dësen dräi Deeg hunn si vill flott Saachen erlieft.

Si hu spannend Aktivitéite gemaach, vill gelaacht an zesumme gespillt.

E grouse Merci un d'Gemeng, déi hinnen dës flott Kolonie erméiglecht huet. Duerch hir Ënnerstëtzung konnten si dräi wonnerbar Deeg zu Dinant verbréngen, un déi si sech nach laang mat Freed erënnere wäerten.



Foire agricole

03.07.2026 ETTTELBRÉCK

Den 3. Juli war de Cycle 4.2 op der Foire agricole. Do hunn d'Schüler um Atelier „Bau d'äin eegene Fliger“ vum Lycée Emile Metz an um Quiz vu MeteoLux deelgeholl a konnte sou vill iwwer d'Meteo léieren.



Schouljoer 2026 – 2027



Cycle 1.0 (Précocé)



Cycles 1.1 + 1.2



Cycles 1.1 + 1.2



Cycle 2.1



Cycle 2.2



Cycle 3 (Classe mixte)



Cycle 3.2



Cycle 4.1



Cycle 4.2

Ofschloss-Ausflug an d'Robbesscheier

Fir eisen traditionellen Ofschloss-Ausflug fir eis zukünfteg Précoce-Kanner hunn d'Elteren dëst Joer dierfen ofstëmme wou d'Rees higoe soll. Hier Wiel ass ob d'Robbesscheier zu Munzen gefall – an dat war eng super Entscheedung!

D'Kanner hunn als éischt e flotte Spadséiergang mam Iesel Billy gemaach. Duerno stoung eng gemittlech Kutschfaart mat de Päerd Niki a Caster um Programm, déi fir stralend Gesichter gesuerget huet.

No engem leckere Picknick hu mir de Nomëtteg op der Spillplaz verbruet, wou vill zesumme gespillt, gelaacht a genoss ginn ass.

Et war e wonnerschéinen Ofschloss – net nëmme fir eis zukünfteg Précoce-Kanner déi elo eng nei Etapp ufänken, mee och fir hier Erzéier aus der Crèche.

D'Ekipp aus dem Kuebenascht wënscht hinnen all Guddes a vill Erfolleg op hirem weidere Wee!



E Summerfest voll flott Momenter!

Eist Summerfest war och dëst Joer e grouse Succès a gouf zu engem schéine Moment fir d'Kanner, hier Elteren an och fir d'Team!

E grouse Merci geet un eis engagéiert Elterevertriedung, sou wéi un all déi aner Elteren, déi beim Organiséieren, wéi och beim Op- an Ofriichte gehollef hunn. Mir sinn dankbar fir hiren Asaz an déi flott Zesummenaarbecht!





Och de Buffet war e richtige Genoss. Vill Elteren hate Spezialitéite vun sech matbruecht, vu séiss bis salzeg war alles dobäi – an och vum Grill gouf et e leckere Maufel z'iessen.

E richtigen Highlight war eis „Kuebenascht Summerbar"! Mat Goldtaleren konnten d'Kanner Popcorn, eng frësch Uebstschossel oder e leckere Smoothie „kafen" – eng Iddi déi bei Grouss a Kleng fir vill Begeeschterung gesuergt huet.

Nieft ville flotte Spiller goufen et och Tattooen an e kreative Workshop, bei deem eng Mamm vun der Elterevertriedung zesumme mat de Kanner a Famille Fotosrummen dekoréiert huet.

Mir hunn eis och ganz besonnesch iwwer de Besuch vum Buergermeeschter, dem Här Lucien Brosius, wéi och vum éischte Schäffen, dem Här Daniel Moura, gefreet! Hinnen en decke Merci, dass Si dëse flotte Moment mat eis gedeelt hunn.

Et war e gelongent Fest mat vill Laachen, flotte Gespréicher a schéine Momenter, déi eis nach laang an Erënnerung wäerte bleiwen.

Team „Am Kuebenascht"



D'Kannerwoch

Den 30. An 31. Mee war Kannerfestival als Optakt vun der Kannerwoch. D'Kannerwoch ass een Event, wou de Secteur vun der non-formaler-Bildung (Crèchen, Maison Relais...), eng Rëtsch vun Aktivitéiten ubidden, fir ze weisen, wat fir eng edukativ Aarbecht se all Dag leeschten.

Eis Ludothéik „Kuebespillkëscht“ war den 30. Mee an der Abtei Neumünster vertrauten. D'Kanner souwéi déi Erwuesse kruten d'Iddi a Wichtigkeet vun enger Ludothéik erkläert a konnten op der Plaz selwer verschidde Gesellschaftsspieler spillen.



Summeraktivitéiten 2026

An eise Summeraktivitéiten dëst Joer hu mir de Kanner am Virfeld d'Méiglechkeet ginn sech a verschidden Ateliere anzeschreiwen. Des Ateliere ware baussen um Site vun der Maison Relais verdeelt.

Den „Holzatelier fir di Kleng“ ass mat sengem Bauwoon mat Geschier bei eis komm an hutt zesumme mat de Kanner am Holz geschafft. Nieft eisem Gemeinschaftsprojekt, enger Kugelhunn fir an de Schoulhaff vum Cycle 1, sinn awer och kleng individuell Aarbechten aus Holz entstanen.


Am Atelier „Back to Basic“ stoung d'Kachen um Feier am Mëttelpunkt. Fir dobause kennen ze kachen, hu mir eis natierlech och eng Kichen an een Uewe misste bauen. Des Kichen ass sou fir verschidde Menuen ze kache benotzt ginn. Ënnert anerem stoung Pizza, Bouletten, Purée, Äppeltäschen a villes méi um Menue. Nieft dem Feier umaachen, war et eis awer och wichteg de Kanner ze weisen, wéi e Feier geläsch gëtt an op wat en alles am Ëmgang mam Feier muss oppassen. Fir dëst de Kanner méi no ze bréngen, ware Fëschber Pompjeeën op Besuch.



„Fuersch duer“ war e weideren Atelier. D’Haaptiddi vun dësem Atelier war, aus (Recycling) Material, wat d’Kanner sech selwer aus futtissen Apparater ausgebaut hunn eppes Neies ze bauen.

Nieft de festen Ateliere goufen awer och verschidde kreativ Aktivitéiten ugebueden an och d’Beweeung huet net dierfte feelen.

Alles an allem war vill bei eis um Site lass a mir hoffen dat d’Kanner vill flott Erënnerunge konnte sammeln.



1. Mee & Generalversammlung

WIICHTELCHER VU SCHOUS

01.05.2026 SCHOUS



Den 1. Mee hunn d'Wiichtelcher vu Schous „an der Sättert“ hiren traditionelle Meekranz gemaach. Uschléissend hunn si hier uerdentlech Generalversammlung am Veräinshaus op der Héicht ofgehalen an duerno zesumme gegrillt.



1. Mee Spuerveräin

01.05.2026 ANGELSBIERG

Bei herrlechem Wieder huet de Spuerveräin „En Apel fir den Duscht“ och 2026 traditionell den 1. Mee de Meekranz gebonnen an en dono an der Angelstuf beim Manuel opgehaangen.



Landjugendaag

14.05.2026 DIKRECH

Mir ware mam Club des Jeunes de 14. Mee 2026 um Landjugendaag zu Dikrech. Trotz deem villen Reen hate mir vill Spaass an hunn eis iwwert de ganzen Dag duerch de Bulli gekämpft.

Club des Jeunes Angelsbiërg



Charity Bike 4 All

KIWANIS UELZECHTDALL-MIERSCH

16.05.2026 SCHOUS

Samsdes de 16. Mee hat den „Kiwani Uelzechtdall-Miersch“ hire Charity Bike 4 All zu Schous am Veräinshaus.

Eng 70 Vëlosfuerer sinn déi 3 verschidde Strecken an 3 Gruppe gefuer. Ënnerwee zu Dikrech gouf et eng kleng Stärkung ier de Wee rëm zeréck op Schous gaang ass, wou zum Ofschloss nach eng gutt Spaghetti zerwéiert gouf.

Den Erléis vun dësem Event ass un d'Fondatioun Wonschstär gaang.



Eng nei Ära fir d'Kompostanlag zu Angelsbjerg

30.05.2026 ANGELSBIERG



Den 30. Mee 2026 ass zu Angelsbjerg no 25 Joer eng Ära op en Enn gaangen. Et war de leschten Dag, wou d'Gebridder Weis d'Kompostanlag vum SIDEC bedriwwen hunn. Si hunn d'Dieren awer net einfach zougemaach: Jiddereen, deen dee leschten Owend nach laanschkomm ass, krut nach e Patt offrëiert.

Zënter dem 1. Juni 2026 gëtt d'Anlag am Opdrag vum SIDEC vun enger neier Firma bedriwwen. Déi ass zu Angelsbjerg awer net ganz onbekannt: et ass „den Holzmich“, dee vill Leit scho kennen.

Am Kader vun dësem Changement goufen och d'Ouvertureszäiten ugepasst. Zënter Juni 2026 ass d'Kompostanlag wéi follegt op:

Dëschdes bis Freides:
9:00 - 12:00 Auer
13:00 - 17:00 Auer

Samschdes:
9:00 - 16:00 Auer

Méindes, Sonndes
a Feierdeeg bleift
d'Anlag zou.

Weider Infoen op
www.sidec.lu oder op
eiser Facebooksäit.



Nuit du Sport

FILANO AN DER FIELS 2026

06.06.2026 FIELS

Och dëst Joer hunn d'FILANO's Gemengen nees un der Nuit du Sport deelgeholl an de Participante war et méiglech, eng ganz Rëtsch u verschiddene Sportarten an Aktivitéiten auszuprobéieren.

Ob Basket, Bubble Ball, Dëschttennis oder vill aner sportlech Aktivitéiten – fir jidderee war eppes dobäi, an et konnt ee säi sportlecht Talent ënner Beweis stellen. De Spaass an d'Freed un der Beweegung stoungen dobäi ganz kloer am Méttelpunkt.

E grouse Merci geet un all d'Veräiner an déi vill Fräiwëlleg, déi mat hirem Engagement a mat vill Begeeschterung dozou bäigedroen hunn, datt dës flotte Sportsowend iwwerhaapt méiglech war. Ouni si wier dëst Evenement net méiglech gewiescht!

Mir freeën eis elo schon op déi nächst Editioun vun der Nuit du Sport a hoffen, lech och d'nächst Joer nees an der FielS an dem FILANO begréissen ze kënnen!



Concert op der Héicht

MERCI GEMENG FËSCHBECH

13.06.2026 SCHOUS

Virwuert

Dräi Museken, eng Harmonie, dat war de Slogan wou d'Museke vu Baastenduerf, Colmer-Bierg a Noumer hir Frëndschaftsconcert'en den 9. Mee zu Tandel, de 6. Juni zu Colmer an zu gudder lescht den 13. Juni 2026 zu Schous gespillt haten.

E Projet deen zustane koum ass well déi 3 Museken de selwechten Dirigent hunn. Sait engem Joer lafen Planunge fir dëse Projet an der UGDA ënnert dem Concert National pour Harmonies et Fanfares 2026. D'Noumer Musek huet an hirer Gemeng no enger gudder Platz gesicht fir hire Concert ze spillen, awer ouni Succès. Merci dofir un Gemeng Fëschbech, dass mir den 13. Juni de leschte Concert zu Schous am Veräinshaus spille konnten. Dëst ass zustan komm doduerch, dass déi zwou Gemengen eng gutt Relatioun zueneen hunn an d'Buergermeeschtesch vun Noumer an de Buergermeeschter vu Fëschbech sech gutt verstinn.

Eng Erausfuerderung fir Jiddereen

En neie Sall, een neit Ëmfeld, eng Bün fir bal 90 Musikanten, eng ugepasste Beliichtung, de Ravitaillement, nëmme Still oder Dëscher matt Still am Sall, dat Alles huet sech an der leschter Woch esou guer an de leschte Stonne virum Concert entscheet. Esou war Mëttwoch's den 10. Juni um 8 Auer Moies nach näischt opgeriicht an Owes um 19h30 ass schonn Generalprouf ofgehele gi. Merci och un d'Gemengeservicer vun den zwou Gemengen.



Zum Concert

E Concert déi vun den 3 Museken op 3 Plazen matt dem selwechte Programm opgefëiert ginn ass, an et fäerdeg bruecht huet d'Säll op deene Platze gutt, an zu Schous (et war ëmmerhin de leschte Concert) nach eemol ganz gutt ze fëllen ass schonn net schlecht. Wien hätt dat am Virfeld geduecht. De Programm deen déi 3 Museken, erausgesicht haten war usprochsvoll an ass och ganz gutt bei de Leit ukomm. Den Applaus deen Musikant/innen dofir kritt hu war formidabel. Dofir huet den Orchester déi eng oder déi aner Zugab misste spillen.

E grouse Merci

Nom Merci vun eiser Presidentin Joëlle Hirtz un déi zwou Gemenge fir hir Ënnerstëtzung, un den Dirigent Maxim Volgin fir seng Gedold an säin Asaz wärend de ville Prouwen zu dëse Concerten, un d'Doris Zangerlé fir hir exzellent Presentatioun, souwéi un d'UGDA fir hiren Appui am Kader vum Concert National pour Harmonies et Fanfares 2026, gouf och der Madame Claudine Kettel Merci gesot fir hir Präsenz als Vertrieederin vum Verwaltungsrout vun der UGDA.

E grouse Merci goug och un all déi Leit, déi op déi dräi Concerte lauschtere komm sinn an domat d'Musek ënnerstëtzt hunn. Net ze vergiesse sinn all déi vill Hänn am Service, an der Keess a.s.w., souwéi d'Membere vum Organisationscomité, déi dës Concerten erméiglecht hunn.

Zu gudder Lescht geet nach eng Kéier e ganz härezeleche Merci un all d'Musikantinnen a Musikante vun den dräi Museke fir hir staark Leeschtung an hirt Duerchhalen.

Als flott Erënnerung un dëse leschte Concert hat d'Noumer Musek e spezielle Kuch bake gelooss. Dëse gouf vun den 3 President*innen ugeschnidden an duerno un all Musikanter*in verdeelt.

Nom Concert konnte mir nach e puer flott Stonnen am schéine Veräinshaus zu Schous op der Héicht zesumme verbréngen an de gelongen Owend ausklénge loossen.

E besonnesche Merci geet och un de Lukas Grün vu Video Media Grün, deem déi flott Ambiance vum Concert mat ville schéine Fotoe festgehalen huet.

Text: Alphonse Classen; Fotoen: Lukas Grün an Alphonse Classen



Vun der Keelebunn an de Pompjeesmusée

AMICALE POMPJEEË

12 + 19.07.2026 HIEFENECH & MÉISCHDREF

D'Amicale vun de Pompjeeën hat kuerz virun der Grousser Vakanz hire Memberen nach 2 flott an ofwiesslungsräich Fräizäitaktivitéiten ugebueden.

Den 12. Juli huet een sech zu engem gemittleche Keelenowend am Café „A Bau“ zu Hiefenech getraff. Bei e puer flotten a gesellege Ronnen op der Keelebunn an och beim gemeinsamen lessen ass d'Komerodschaft net ze kuerz komm.

Den 19. Juli stoung eng interessant Aktivitéit um Programm: d'Visite vum Pompjeesmusée zu Méischdref. Do stellt d'Entente vun de Pompjeeën aus der Gemeng Miersch eng Sammlung vun ale

Läschequipementen aus, déi fréier virun allem bei de verschiddenen Pompjeescorpsen aus der Gemeng Miersch benotzt goufen. Besonnesch interessant ass dobäi den 1. motoriséierte Läschwun vum der Gemeng Miersch, e Mercedes-Transporter L319 aus dem Joer 1961, dee komplett restauréiert gouf a haut erëm als Oldtimer ugemellt ass.

E grouse Merci geet un de Jos Sinner an den Théo Prickaerts, déi duerch d'Ausstellung gefouert an déi néideg Erklärungen ginn hunn. Zum Ofschloss vum Owend huet een dës Fräizäitaktivitéit mat engem gemeinsamen Owesessen an der Pizzeria niewendrun gemittlech ausklénge gelooss.



Fëschber Nopeschfest

13.06.2026 FËSCHBECH

De Comité vun der Fëschber Nopeschfest a.s.b.l. hat wéi gewinnt häerzlech op säin traditionellt Fëschber Nopeschfest invitéiert. Noperen a Frënn sinn dëser Invitatioun gären nokomm a konnte bei engem Patt a guddem lessen e puer geselleg Stonnen zesumme verbréngen. Bei gudder Ambiance, flotte Gespréicher a vill gudder Laun ass et e schéinen a gesellegen Dag am Batz ginn.



Erläichendag

14.05.2026 MEESEBUERG

Op Mammendag, Sonndes, de 14. Mee ass zu Meesebuerg Erläichendag (Zerläichendag/Härläichendag/Fronleichnam) gefeiert ginn. Et ass dat de Schluss vum Ouschterkrees, d'Fest, op deem déi kathoulesch Kierch, d'Presenz vu Jesus-Christus an der Eucharistie an de Mëttelpunkt stellt.

Déi feierlech Mass gouf vum Paschtouer Félix Steichen gehalen, assistéiert gouf hie vum neie Kaploun Leonardo Pulia, deen den 2. Mee an der Kathedral geweit gouf a vum Seminarist François, deen den Ament e Stage an der Par mécht.

D'Kierch war gutt gefëllt, ënnert de Kierchegänger ware Memberen aus der ganzer Mierscher Par, de Proprietär vum Meesebuerger Schlass grad ewéi e puer Membere vum Kolpingveräin.

No der Mass, déi vun der Chorale Fëschbech-Angelsbiërg-Schous gesonge gouf, ass d'Pressessioun duerch de Schlasspark bis bei d'Kapell vum Schlass an nees zeréck bei déi fréier Parkierch gaangen. Den Nomëtteg ass bei engem Patt an engem gudde Stéck Kuch op en Enn gaangen. E grouse Merci de Pompjeeën, déi sech wéi all Joer bereet erkläert hunn, eng Hand mat unzepaken, de fläissege Persounen, déi beim Rëschte gehollef hunn, de Massendénger an de léiwe Leit, déi gebak hunn oder op eng aner Manéier en Déngscht geleescht hunn.



Medaileniwwerreechung

FIR VERDÉNGSCHTVOLL POMPJEEËN

15.06.2026 KÄERJENG

Den CGDIS hat de 15. Juni, am Kader vum Nationalfeierdag, seng traditionell Zeremonie vun der d'Iwwerreechung vu Medailen am Kulturzentrum „Käerjenger Treff“ zu Käerjeng organiséiert.

Aus de Reie vum CIS Fëschbech goufen dobäi och dräi Membere fir hir Verdéngschter ausgezeechent. Den Inneminister Léon Gloden konnt dem Jean-Paul Degraux an dem Misch Farenzena fir 20 Joer aktiven Déngscht am Pompjeeswiesen d'Médaille en vermeil vum „Ordre de la Médaille du Mérite de la Sécurité civile“ iwwerreechen. De Laurent Degraux gouf fir 30 Joer aktiven Déngscht mat der Médaille en vermeil avec couronne vum selwechten Uerden ausgezeechent.

Un dëser Zeremonie hunn och de Buergermeeschter Luss Brosius an de CIS-Chef Lucien Karier deelgeholl.



Virun 20 Joer: Camp Tupelay



11.07.2026 SCHOUS

Mëtt Juli hunn sech e puer fréier Guiden a Scouten zu Schous op enger Wiss getraff, fir e kleng Revival vum Camp „Tupelay“ ze feieren. Viru genee 20 Joer hat op där selwechter Plaz e grouse Scoutscamp mat ronn 700 Lëtzebuerger Guiden a Scoute stattfonnt.

Op verschiddene Plazen zu Schous fënnt een nach haut Spuere vun dësem Camp. Am Duerfkär ass nach ëmmer e Mosaik ze gesinn, dat während den zéng Campdeeg vun den AvEx geluecht gouf. Am Veräinshaus erënneren de Campfändel an e Loftbild un dës grouss Manifestatioun. Net ze vergiessen déi vill schéin Erënnerungen, déi d'Duerfleit un dës besonnesch Zäit behalen hunn.



Trëppeltour

12.07.2026 PËTTEN

Den 12. Juli hunn d'Wiichtelcher vu Schous hire schonn traditionellen Trëppeltour gemaach. Dës Kéier goug et ronderëm Pëtten um Autopédestre. Als Ofschloss hu mir eis e flotte Rodizio am Café du Château zu Pëtten schmaache gelooss.



Parfest

19.07.2026 FËSCHBECH

Den 19. Juli huet eis Chorale hiert traditionellt Parfest ofgehalen.

Wéi all Joer huet déi vill Aarbecht am Virfeld vum Fest hier Friichte gedroen.

Mass an der Kierch zu Fëschbech, déi gutt besicht war, gouf vun der Chorale vun Huldang gesongen.

Am gefülltem Festsall ob der Héicht, bei gudder Ambiance hunn d'Gäschte sech hiert Mëttegiessen, dat vun de Membere vun der Chorale preparéiert gouf, gutt schmaache gelooss.

Merci soe mir der Gemeng fir de Festsall.


Merci och all eise Memberen, der Jugend, eise Sponsoren a villen Fräiwëllegen, déi eis ënnerstëtze fir dass eist Parfest all Joer en Erfolleg gëtt.

Mat engem Deel vum Erléis ënnerstëtze mir dëst Joer d'Renovatioun vun der Uergel.

Chorale Fëschbech-
Angelsbiërg-Schoos asbl



Mir gratuléieren



Marie-Anne Bissen-Drücker



Aus hirem gléckleche Bestietnis sinn dräi Kanner ervirgaangen: 1971 d'Joëlle, 1975 d'Nadine an 1981 de Jeff. Mat grousser Freed begleet d'Marie-Anne och haut nach hir aacht Enkelkanner op hirem Liewenswee. Si schenkt hinnen ëmmer vill Zäit, Opmierksamkeet a Léift. Si hunn him och vill Kraaft a Trouscht ginn, wéi de Gast eis de 15. November 2010 vill ze fréi verlooss huet.

D'Marie-Anne war a bleift eng engagéiert Biergerin an eng hëllefsbereet Nopesch. Als Kand war ech selwer dacks bei him doheem an hu mech besonnesch Sonndes, op déi gutt Desserte gefreet. Och am Veräinsliewen ass d'Marie-Anne nach ëmmer aktiv: sonndes moies mat der Chorale um Ducksall oder bei de Fester vum

Den 3. Juni hat de Schäfferot d'Éier, dem Marie-Anne Bissen-Drücker am Numm vun der Gemeng Fëschbech fir säin 80. Gebuertsdag ze gratuléieren.

D'Marie-Anne ass den 29. Mee 1946 zu Méischtrëf bei Bettenduerf op d'Welt komm. Seng Elteren, d'Marie an de Pierre Drücker-Stieber, hunn sech iwwer déi kleng Schwëster vum Nikela, deen 1941 op d'Welt koom, ganz besonnesch gefreet.

Seng Primärschoulszäit huet d'Marie-Anne zu Méischtrëf a Bettenduerf verbruecht, ier et duerno an d'École Privée Sainte-Anne op Ettelbréck gaangen ass.

Vun 1962 bis 1970 huet hat an der Pâtisserie Nicolas an der Groussgaass zu Dikrech geschafft.

Den 30. Mee 1970 huet et sech mam Gast Bissen bestuet. D'Koppel huet bis 1974 zu Dikrech gewunnt, éier si op Angelsbiërg an hiert eegent Haus geplënnert sinn, wou d'Marie-Anne och haut nach doheem ass. De Gast Bissen war als Fierschter an der Gemeng Fëschbech tätig.

Spuerveräin „En Apel fir den Duuscht“ hannert dem Dessertsbuffet. Op hat ass ëmmer Verlooss.

Wann emol keng Gesangsprouf um Programm steet, verbréngt d'Marie-Anne seng Zäit gäre mat den Enkelkanner. Donieft zielen och Rätselen, Bitzen, Baken an d'Aarbecht am Gaart zu senger léifsten Hobbyen. Net ze vergiessen seng Freed un den Ausfluch a Vakanzen zesumme mat de Veräiner.

D'Marie-Anne hat eis op e flotten Owend bei sech doheem invitéiert. Bei engem gudde Patt hu mir vill iwwer fréier Zäite geschwat an déi eng oder aner schéi Geschicht opfrësche kënnen. Mir freeën eis schonn elo op den nächste gesellege Moment mat him.

Mir wënschen dem Marie-Anne nach vill schéin a gesond Joren am Krees vu senger Famill, senger Frënn a senger Veräiner an hoffen, datt et nach vill flott Geleeënheete gëtt fir zesummen ze feieren.

Luss Brosius
Buergermeeschter



**ADMINISTRATION
COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'Église L-7430 Fischbach

Heures d'ouverture

**Du lundi au jeudi de 08h30 à 11h30
et les jeudis aussi de 14h00 à 18h00**

les autres après-midi: uniquement sur rendez-vous

Vendredi fermé

Tél: 32 70 84 - 1

E-Mail: commune@acfischbach.lu

www.acfischbach.lu

COLLÈGE ÉCHEVINAL

collège@acfischbach.lu

Bourgmestre: Luss BROSIUS

32 70 84 - 24

luss.brosius@acfischbach.lu

1. Échevin: Daniel MOURA

dan.moura@acfischbach.lu

2. Échevin: Laurent SCHILTZ

laurent.schiltz@acfischbach.lu

SECRÉTARIAT COMMUNAL

secretariat@acfischbach.lu

Daniel ERPELDING (à p. du 01.11.2026) 32 70 84 - 42

daniel.erpelding@acfischbach.lu

Daniel HOTTUA

32 70 84 - 20

daniel.hottua@acfischbach.lu

BUREAU DE LA POPULATION

population@acfischbach.lu

Joana FERREIRA

32 70 84 - 26

joana.ferreira@acfischbach.lu

Serge HOFFMANN

32 70 84 - 21

serge.hoffmann@acfischbach.lu

RECETTE COMMUNALE

recette@acfischbach.lu

Michèle SCHOLTES

32 70 84 - 25

michele.scholtes@acfischbach.lu

SERVICE TECHNIQUE

technique@acfischbach.lu

Paul DECKER

32 70 84 - 28

paul.decker@acfischbach.lu

Marc LAUX

32 70 84 - 22

marc.laux@acfischbach.lu

SERVICE FORESTIER

Olivier MOLITOR

87 96 49

olivier.molitor@anf.etat.lu

CONSULTEZ VOS FACTURES COMMUNALES SUR MYGUICHET.LU

Donnez votre
consentement dans
votre espace personnel
sur MyGuichet.lu



bigi



MyGuichet.lu

CONSULTÉIERT ÄR GEMENGERECHNUNGEN OP MYGUICHET.LU

Gitt Är Zoustëmmung
an Ärem perséinleche
Beräich op
MyGuichet.lu



bigi



Adventsfenster 2026

Fenêtre de l'avent 2026

D'Kommissioun vum Zesummeliwwen vum der Gemeng Fëschbach organiséiert am Dezember d'Aktioun "Adventsfenster". D'Aktioun ass **vum 1. bis 24. Dezember, ëmmer vun 18.00 - 20.00 Auer.**

Wann dir eng Adventsfenster maache wëllt, da mellet iech op der Emailadress **zesummeliwwen@acfischbach.lu** bis spëtstens den 18. November 2026.

Gidd w.e.g. mat un:

- Datum vun der Fenster
- Stëll oder aktiv Fenster*
- Adress
- Är Telefonsnummer

* **Stëll** = eng flott dekoréiert Fenster

Aktiv = eng flott dekoréiert Fenster + e Patt, eppes ze iessen, Musek, Lagerfeier, Geschicht...

An Ärer Fenster muss den Datum vum Dag integréiert sinn (also 12 fir den 12. Dezember) a vum Startdatum un, all Owend vun 18.00 Auer u beliicht sinn. Et wier flott, wann d'Fënstere bis de 6. Januar dekoréiert a beliicht géife bleiwen.

Eng Lëscht vun all de Fënstere, sou wéi d'Adresse vun de Leit déi matmaachen, gëtt Enn November un all Haushalt verdeelt, um Internetsite www.acfischbach.lu an um Facebook-Site vun der Gemeng Fëschbach verëffentlecht.

La Commission de vivre ensemble de la Commune de Fischbach organise l'action « Fenêtre de l'avent » en décembre. L'action se déroulera du **1^{er} au 24 décembre, toujours de 18h00 à 20h00.**

Si vous souhaitez décorer une fenêtre de l'Avent, inscrivez-vous via l'adresse email **zesummeliwwen@acfischbach.lu** jusqu'au 18 novembre 2026 au plus tard.

Veuillez indiquer :

- Date souhaitée de la fenêtre
- Fenêtre silencieuse ou active*
- Adresse
- Votre numéro de téléphone

* **silencieuse** = une fenêtre belle décorée

active = une fenêtre belle décorée + pot d'amitié, qqc à manger, musique, feu de camp, histoire...

La date du jour doit être intégrée dans la fenêtre (c.à.d. 12 pour le 12 décembre) et les fenêtres sont illuminées dès leur date respective, chaque soir à partir de 18 heures. Les fenêtres devront être décorées et restées éclairées jusqu'au 6 janvier.

Une liste de toutes les fenêtres ainsi que les adresses des gens y participant sera distribuée fin novembre à tous les ménages, publiée sur le site internet www.acfischbach.lu et sur la page Facebook de la commune de Fischbach



KOMMISSIOUN VUM
ZESUMMELIWWEN
GEMENG FËSCHBECH

